N°3178
Entrée le 05.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

**Äntwert vun der Verdeedegungsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 3178 vum 12. November 2025 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

***Fro :***

***Ënnert wéi enge Konditiounen a Reegelen dierfen esou Militärfligeren de Lëtzebuerger Loftraum notzen? Gëtt heibäi eng Ënnerscheedung gemaach tëschent NATO-Partnerlänner an net NATO-Partnerlänner a falls jo, wéi ënnerscheeden sech d'Reegelen an d'Prozeduren?***

D’Konditioun fir dass esou Militärfligeren de Lëtzebuerger Loftraum dierfen notzen, ass dass si iwwert eng „Autorisation diplomatique de survol“ (Diplomatic Flight Clearance) verfügen, ausgestallt vum Minister / der Ministesch. Dëst war de Fall.

D’Reegelen, ënnert deene Militärvolen stattfannen, sinn déi allgemeng gülteg Loftfaartreegelen, festgeluecht duerch international Konventiounen iwwert de Loftverkéier an d’Aviatiounssécherheet, an hei zu Lëtzebuerg implementéiert an appliziéiert vun de Servicer vun der „Navigation aérienne“. Dëst sinn universal applikabel Konventiounen, déi net tëscht NATO-Partner a Net-NATO-Partner ënnerscheeden.

Lëtzebuerg, de 5. Dezember 2025.

D' Verdeedegungsministesch

(s.) Yuriko Backes